ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4789 schreift den Här Energieminister, datt eis Stroumimporter 2020 zu 69,9 Prozent aus Däitschland an zu 22,5 Prozent aus Frankräich koumen. Den Här Minister weist an deem Zesummenhang och op d'Differenz tëschent dem Importland an dem urspréngleche Produktiounsstanduert hin.

Frankräich kënnt wéinst der staarker nuklearer Komponent a senger Stroumproduktioun op en duerchschnëttleche Wäert vun 45 Gramm CO2/KW, wärend dës Zuel fir Däitschland bei 199 Gramm CO2/KW läit. An där am Abschnitt virdrun zitéierter parlamentaresch Fro huet den Här Energieminister an deem Sënn ausgefouert, datt d'Käschte vun den CO2-Zertifikater eng vun den Ursaache waren, firwat de Stroumpräis fir d'Lëtzebuerger Stéit 2020 duerchschnëttlech em 10 Prozent geklommen ass.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, aus wéi enge Länner Lëtzebuerg säi Stroum wärend de Joren 2019 an 2020 importéiert huet awer och, wou an aus wéi enger Energiequell dësen urspréngleche gewonne gouf?
2) Kann den Här Minister elaboréieren, no wéi enge Modalitéiten den CO2-Ausstouss/KW bei der Stroumproduktioun ermëttelt an de Präis vun den CO2-Zertifikater berechent gëtt? Kann den Här Minister an deem Sënn matdeelen, wéi eng Moossnamen hien ergraff huet, fir d'Käschte vun den CO2-Zertifikater méiglechst niddreg ze halen, fir datt de Faktor Energie d'Stroumpräisser fir d'Lëtzebuerger Clienten net onnéideg an d'Luucht dreift?
3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi d'Zuele vum CO2-Ausstouss/KW fir eis national Stroumproduktioun, souwéi fir eis eenzel Importlänner regruppéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten